

# Sébastien DUBREUCQ

**Alter beim Hiereschlag**
Am Joer 2016, am Alter vun 39 Joer, hunn ech de Schlag wéinst enger Feelbildung vum Häerz gemaach.

**Famill**
Ech liewe getrennt. Ech hunn ee Meedchen, d'Pauline, dat deen Ament 12 Joer al war.

**Beruff**
Ech war Ingenieur an der Informatik.

**Wat ech net méi konnt**
Ech konnt weeder schreiwen, nach liesen, schwätzen oder eppes verstoen. Meng riets Säit war komplett geläämt, ech konnt also net méi goen, a meng Motorik war ageschränkt.

**Wat ech erëm kann**
Ech hu meng Autonomie zeréckgewonnen. Ech kann zum Beispill verschidde Plate kachen, ech hunn de Fürerschäin nees gemaach, an ech ka mäi rietst Been erëm beweegen, wouduerch ech nees goe kann. Ech hu mech elo dru gewinnt, meng lénks Hand ze benotzen an ech kann erëm schwätzen, och wann ech net a ganze Sätz kommunizéiere kann.

**Wat ech duerch den Hiereschlag verluer hunn**
Duerch mäin Hiereschlag hunn ech meng Aarbecht verluer an all d'Sproochen, déi ech geléiert hat (Lëtzebuergesch, Däitsch an Englesch). Elo verstinn ech just nach Franséisch. Ausserdeem kann ech kee Kitesurfe méi maachen an och kee Judo, wat fréier zwou grouss Passioune vu mir waren.

**Wat ech duerch den Hiereschlag gewonnen hunn**
Den Hiereschlag huet mech dozou bruecht, eng nei Passioun ze entdecken: d'Vëlofueren. Mëttlerweil verbréngen ech vill Zäit mat Sport, eeben um Vëlo, mee och mat schwammen.

**Bilan**
Och wann d'Liewen net esou dréint, wéi ee sech et wënscht, bleift engem näischt anescht iwwreg, wéi ze akzeptéieren, wat engem geschitt, well ee keen Afloss drop huet. Et muss een also säi Bescht ginn, fir virun ze kommen, trotz allen Hindernisser, déi um Wee sinn. Ausserdeem muss ee sech och iwwerwannen, fir ëm Hëllef ze froen. Ech hunn zum Beispill mäi Meedche misse froen, fir dësen Text fir mech ze schreiwen.

**Âge lors de l'AVC**
En 2016, à l'âge de 39 ans, j'ai eu un AVC en raison d'une malformation cardiaque.

**Famille**
Je vis séparé. J'ai une fille, Pauline, qui avait alors 12 ans.

**Profession**
J'étais ingénieur en informatique.

**Ce que je ne savais plus faire**
Je ne savais plus écrire, ni lire, ni parler et ni comprendre. Mon côté droit était complètement paralysé, je ne savais donc plus marcher et ma motricité était limitée.

**Ce que j'ai récupéré**
J'ai regagné mon autonomie, par exemple je peux cuisiner certains plats, j'ai récupéré mon permis de conduire et l'usage de ma jambe droite qui me permet de me déplacer. Maintenant je me suis habitué à utiliser ma main gauche et je peux de nouveau parler, même si je ne communique pas en phrases entières.

**Ce que j'ai perdu à la suite de l'AVC**
À la suite de mon AVC, j'ai perdu mon travail et la possibilité d'utiliser les multiples langues que j'avais apprises (luxembourgeois, allemand et anglais). Maintenant je ne comprends désormais plus que le français. Je ne peux aussi plus faire de kitesurf, ni de judo qui étaient mes passions à l'époque.

**Ce que j'ai gagné à la suite de l'AVC**
L'AVC m'a apporté une nouvelle passion qui est le vélo. Je passe beaucoup de mon temps maintenant à pratiquer du sport, le vélo en faisant partie, mais aussi de la natation.

**Bilan**
Même si la vie ne tourne pas comme on se le souhaite, le mieux c'est d'accepter ce qui nous arrive, puisqu'on ne peut rien y changer. Il faut donc juste faire du mieux pour continuer à avancer malgré les obstacles qui nous tombent sur le chemin. Il faut aussi savoir demander de l'aide quand on en a besoin, j'ai par exemple dû demander à ma fille de m'aider à écrire ceci.




**Blëtz a.s.b.l.**
Lëtzebuerger Associatioun fir Betraffener vun engem Hiereschlag

68, rue du Château L-3217 Bettembourg · Tél. : 26 51 35 51 / 621 88 00 88
info@bletz.lu · www.bletz.lu · CCPL LU84 1111 7009 1792 0000